



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 104-19



Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 13 mars 2019

Objet: Question parlementaire n° 346 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 346 de Madame la Députée Martine Hansen

Wéi weit ass de Ministère mat der Exit-Strategie, déi an Zesummenaarbecht mat all de betraffenen Acteuren um Terrain soll définéiert ginn?

Zwee PEI (Partenariat européen d'innovation) -Projete begleeden d'Exit-Strategie an der Landwirtschaft. Dés PEI-Projete ginn vum Landwirtschaftsministère finanzéiert a vun der Landwirtschaftskummer an dem Luxembourg Institute for Science and Technology (LIST) émgesat. Den éischte PEI-Projet huet ausschliisslech d'Identifizéierung an Entwécklung vun Alternativen zum Glyphosat zum Zil. Am zweete PEI-Projet gëtt op Pilotbetriber getest, ewéi eng Methoden den Asaz vu Herbiziden am Allgemeine reduzéiere kënnen. Donieft ginn et och eng Rei vu Feldversich, wou alternativ Ubaumethode getest ginn.

Am Wäibau gëtt de Glyphosat just énner dem Stack ob enger schmueler Sträif agesat. Vill Betriber benotzen awer mëttlerweil keng Herbizide méi a reguléieren d'Onkraut mechanesch.

Wéi eng Alternativen zum Glyphosat well de Ministère propagéieren?

D'Regierung propagéiert elo schonns eng Erweiderung vun der Fruuchtfolleg, an d'mechanesch Onkrautbekämpfung gëtt duerch Agrarëmweltmoosnamen a Berodungsmoduler promouvéiert. Speziell am Wäibau ass d'Method vun der Unterstockbegrünung interessant, fir d'Opkomme vun Onkraut ze énnerbannen.

D'Pei-Projeten an d'Feldversich, wou alternativ Ubaumethode getest ginn, hëllefent, de Baueren nei Technike méi no ze bréngen.

Donieft gëtt am Kader vun engem neie Bioaktiounsprogramm, den derbäi ass ausgeschafft ze ginn, d'Émstellung op d'biologesch Landwirtschaft weider promouvéiert.

Chemesch Alternativen zum Glyphosat ginn net propagéiert.

Si fir de Moment Alternativen an der Entwécklung déi op de Marché solle kommen ? Wann jo, wéi eng Alternative wieren dat ?

Chemesch Alternativen, déi Glyphosat 1:1 ersetze kéinten, sinn eis net bekannt. Net-chemesch Alternativen, ewéi Maschinne fir d'thermesch oder mechanesch Onkrautbekämpfung, si schonns um Marché erhältlech. Och d'Kombinatioun vu mechanescher a chemescher Onkrautbekämpfung si méiglech.
